piraten.lu

N°3517
Entrée le 22.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Aktuell kënne lëtzebuergesch Staatsbierger nëmme Päss mat enger Lafzäit vu fënnef Joer ufroen, wat am Géigesaz zu der Praxis a ville Nopeschlänner an aneren EU-Memberstaate steet, déi Päss mat enger Validitéit vun zéng Joer ubidden. De fréieren Ausseminister hat virun de Walen 2023 ugekënnegt, datt d'Aarbechte fir d'Aféierung vun neie Päss, inklusiv der technescher Bereetschaft an der néideger Gesetzgebung, bis d'Joer 2025 ofgeschloss solle sinn.

Dëst Zil gouf awer verpasst, an d'Aarbechten un der Verlängerung vun der Lafzäit op zéng Joer sinn am Retard. Wéi aus rezente Medieberichter ervirgeet, huet de Ministère confirméiert, datt weider Informatioune viraussiichtlech eréischt am Laf vum Joer 2026 matgedeelt ginn, ouni awer konkret Grënn fir dës Verspéidung oder en neien Zäitplang ze nennen. Eng Verlängerung vun der Validitéit wier besonnesch fir lëtzebuergesch Bierger, déi am Ausland liewen an dacks wäit Réckweeër fir d'Erneierung op sech huele mussen, eng grouss Erliichterung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn déi genee Grënn, firwat den ursprénglech viséierten Datum vun 2025 fir d'Aféierung vum zéngjärege Pass net konnt agehale ginn?

2. Wéi gesäit den aktuellen an detailléierten Zäitplang aus, a wéini kënne lëtzebuergesch Bierger konkret domat rechnen, Päss mat enger Validitéit vun zéng Joer unzefroen?

3. Op wéi eng spezifesch "nei Modalitéiten", un deenen de Ministère schafft, bezitt sech d'Ausso vum Porte-Parole, a wéi ënnerscheeden sech dës vun deenen ursprénglech geplangten Upassungen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

4. Besteet d'Problematik vun der limitéierter Garantie vun den elektronesche Komponenten (Chips), déi an der Vergaangenheet als Ursaach fir déi fënnefjäreg Lafzäit genannt gouf, nach ëmmer, oder gouf mëttlerweil eng technesch Léisung fonnt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés